## Iwwer mäi Papp

Léif Matbierger,

Haut um Dag vum Begriefnes vun eisem léiwe Papp wëll ech Iech soen, wéi vill hien eis, senge Kanner, Schnaueren an Eedemen, Enkelen an Urenkele bedeit huet. Hie war ëmmer fir seng Famill do, trotz senger héijer Aufgab, déi hie mat vill Verantwortungs- a Flichtbewosstsinn gemeeschtert huet. Dobäi konnt hien och op déi wäertvoll Ënnerstëtzung vu senger Fra, menger Mamm, der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte zielen.

Säin oppent an häerzlecht Wiesen a seng Fäegkeet op d'Leit zouzegoen, hunn all déi Mënsche beandrockt, déi hie begéint huet. Hie war en aussergewéinlech positive Mënsch. Hie konnt sech ëmmer fir alles begeeschteren, an huet drop gehalen um Forum, dee meng Fra organiséiert hat, deelzehuelen, grad ewéi Ausstellunge kucken ze goen, bis e puer Deeg éier hien an d'Spidol koum.

Alles wat am Land geschitt ass, huet hien intresséiert verfollegt. Souguer de schwieregen Dossier vum „Brexit“ hat nëmme wéineg Geheimnisser fir hien. Ech sinn iwwerzeegt, datt eisem Papp seng Oppenheet a Begeeschterung dozou bäigedroen hunn, datt hien esou en héijen Alter erreecht huet. Seng Liewensfreed huet sech op eis, seng Famill, iwwerdroen a säin Humor huet eis méi wéi eng Kéier Tréine vu Laachen an d'Ae gedriwwen. Hie war eis eng grouss Stäip, huet eis an eisem Handelen encouragéiert an eis Decisioune respektéiert.

Säi Liewe war gepräägt vu senger Léift zur d'Heemecht a vu senger grousser Verbonnenheet mat senge Landsleit. D'Erliefnesser wärend dem Krich hunn zu enger aussergewéinlecher Complicitéit zu senger Mamm, der Grande-Duchesse Charlotte, gefouert. Eise Papp huet un dat Gutt an all Mënsch gegleeft an hie war besonnesch houfreg op d'Entwécklung vun eisem Land an de leschte Joerzéngten. Datt säi Vollek him dëser Deeg esou zahlreich eng lescht Éier a Verbonnenheet erweist, ass fir mech eng vun deene wichtegsten Erfarunge vu mengem Liewen.

Virun e puer Wochen, wéi de Grand-Duc Jean an d'Spidol koum, war et eis Alleguer wichteg, bei him ze sinn, esou wéi hie säi Liewe laang fir eis do war. Hie war den Zentrum vun 3 Generatiounen. Zwee Deeg, éier hien eis verlooss huet, huet hien all

deene Merci gesot, déi sech mat vill Dévouement ëm hie bekëmmert hunn. Hien huet eis dunn och Äddi gesot. Seng lescht Wieder hunn nach eng Kéier seng Gréisst a seng Suerg fir seng Matmënsche gewisen. Hien ass friddlech entschlof no engem erfëllte Liewen.

Mir, seng Kanner a seng Famill, si frou an houfreg, hien als Papp gehat ze hunn.

Merci Papa,

Mir soen Dir vun Häerze Merci fir Alles, wat s Du fir eis gemaach hues.

Henri

**Mon Père**

Mes chers concitoyens,

En ce jour de funérailles de notre cher Père, j'aimerais vous dire combien il a compté pour nous tous, ses enfants, belles-filles et gendres, petits-enfants et arrière-petits-enfants. Toute sa vie durant, il est resté très attentif à sa famille, malgré la lourde charge qu'il accomplissait avec sagesse et un grand sens du devoir. Il pouvait aussi compter sur le soutien précieux de son épouse, ma mère, la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte. Tourné vers les autres, il avait cette faculté d'écoute exceptionnelle qui touchait chaque personne qu'il rencontrait. C'était une personne au caractère éminemment positif. Curieux de tout, il participait quelques jours encore avant son hospitalisation au Forum organisé par mon épouse ou visitait une exposition. Il suivait tout ce qui se passait dans le pays. Même l'épineux dossier du « Brexit » n'avait que peu de secrets pour lui.

Je suis persuadé que cette disposition d'esprit et sa vivacité ont été les garants de sa longévité. Dans son cercle plus intime, sa joie de vivre rayonnait sur nous tous et son sens de l'humour nous faisait parfois rire aux larmes. Il était d'un soutien constant, en nous encourageant et en nous félicitant dans nos actions, tout en respectant entièrement nos choix et nos décisions.

Bien sûr, l'autre ambition de sa vie fut l'amour profond qu'il portait à sa patrie et la très grande affection qu'il vouait à ses compatriotes dans leur unité et leur diversité. Les épreuves qu'il avait surmontées avec tant de courage l'avaient conduit à nouer une complicité sans pareil avec sa mère la Grande-Duchesse Charlotte. Il croyait en l'Homme en général et en son progrès, tout comme il ressentait une intense fierté, en voyant le parcours de son pays depuis ces dernières décennies. Que son peuple rassemblé lui rende ces jours-ci un hommage vibrant et lui retourne son affection restera pour moi une des plus fortes expériences de ma vie.

Il y a quelques semaines, lorsque le Grand-Duc Jean a été hospitalisé, nous l'avons tous accompagné et entouré. Il avait été le centre de trois générations. Deux jours avant son départ, il a remercié ceux qui se sont occupés de lui avec dévouement, puis il nous a dit au revoir. Ce furent ses dernières paroles. Une fois de

plus, il démontra sa grandeur d'âme et sa considération pour les autres. Il s'est éteint avec le sentiment d'une vie accomplie. Nous, ses enfants et sa famille, sommes particulièrement fiers et heureux de l'avoir eu comme père.

Merci Papa,

Nous te remercions du fond du cœur.

Henri